**Mol nach emol - Schoulmaterial en zweet Liewe ginn**

*De Projet **Mol nach emol**, deen sech op d'Integratioun vun der Kreeslafwirtschaft an de Schoulsystem konzentréiert, huet mëttlerweil um Lëtzebuerger Territoire Fouss gefaasst. De Projet dréint ronderëm de Réemploi vu Schoulmaterial a soll méi nohalteg Handlungen an de Schoulen an an de Foyere fërderen. D'Haaptpiliere vum Projet: Réemploi, Sensibiliséierung, Educatioun an Inklusioun.*

**E Projet fir de Réemploi**
De Ressourcenzenter SIVEC sammelt all Joer 6.600 Tonne Material, dat oft nach an engem ganz gudden Zoustand ass, mee awer fir d'Verbrennung bestëmmt ass. Dofir hunn sech de SIVEC, d'EBL, d'SDK, d'Fondation Kräizbierg, d'Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte an CK zesummegedoen, fir de Réemploi vun dévalorisertem Schoulmaterial an engem gudden Zoustand ze fërderen an en zweet Liewe vum Material ze erméiglechen. Duerch d'Sammelstellen an deene verschiddene Schoulen a bei de Partner gëtt dozou bäigedroen Offall ze vermeiden a ganz Klasse kënne gratis vun dëse Ressourcë profitéieren.



**E Mentalitéitswiessel**
**Mol nach emol** ass awer méi wéi just eng Opwäertungsaktioun. De Projet versicht, d'Perceptioun vum Konsum a vum Wäert vun den Objeten ze veränneren. **Mol nach emol** hofft, d'Aart a Weis vun der Notzung vum Schoulmaterial positiv ze beaflossen. D'Initiativ sensibiliséiert d'Schüler fir hir alldeeglech Relatioun mat Objeten ze iwwerdenken, wouduerch nohalteg Praktiken schonn am jonken Alter gefërdert ginn. Doduerch konkretiséiert de Projet d'Kreeslafwirtschaft an de Schoulen an an de Foyeren, woubäi déi éducativ Approche vum Projet am Vierdergrond steet. De SIVEC, d'EBL, d'SDK an d'Fondation Kräizbierg hoffen doduerch, dës Ressourcen an nohalteg Méiglechkeeten ëmzewandelen.

**Zesummen eppes fir d'Ëmwelt an d'Gesellschaft maachen**
Doriwwer eraus presentéiert sech **Mol nach emol** och als soziale Projet. D'Fondation Kräizbierg, déi Leit mat kierperlecher Behënnerung e Liewensplang bitt, iwwerhëlt d'Veraarbechtung vum Material. Dat ganzt Material, dat an de Sammelstelle land, déi mat engem ganzen Universum vu klenge Männercher geräscht goufen, gëtt gesammelt a bei d'Fondation Kräizbierg bruecht. An hiren Ateliere gëtt d'Material sortéiert, gebotzt, desinfizéiert an d'Bläistëfter gi gespëtzt. D'Material gëtt dann an individuell konzipéierten a recycelte Sets verpakt an nees zeréck an de Kreeslaf bruecht.

De Projet **Mol nach emol** rifft d'Gesellschaft aktiv dozou op, fir sech un dëser ëmweltfrëndlecher Approche ze bedeelegen, andeems d'Leit hirt onbenotzt Schoulmaterial op de verschiddene Sammelstellen ofginn. Esou droen d'Bierger net nëmme positiv zum Ëmweltschutz bäi, mee bidden och anere Leit d'Méiglechkeet vun dëse Ressourcen ze profitéieren ouni neier mussen ze verschwenden.

Weider Informatioune fannt Dir op eiser Websäit **www.molnachemol.lu**.



Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

**Contact :**
(+352) 621 753 628 ; info@ebl.lu

**www.molnachemol.lu**

**Bamhaus**
18F, rue de la Cimenterie
L-1337 Luxemburg






# MOL NACH EMOL








UN PROJET PAR :

EbL Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

SIVEC

ATELIERS KRAIZBIERG

SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY SuperDrecksKëscht ®

AVEC LE SOUTIEN DE:

ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte